**Evangelium vum leschte Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**
**(Fest vu Christus dem Kinnek)**

**Joh 18,33b-37**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

33b De Pilatus huet de Jesus gefrot:
"Bass du de Kinnek vun de Judden?"
34 De Jesus huet geäntwert:
"Sees du dat vun dir aus
oder hunn anerer dir dat iwwer mech gesot?"
35 De Pilatus sot:
"Sinn ech dann éiren e Judd?
Däi Vollek an d'Hohepriister hunn dech u mech ausgeliwwert.
Wat hues du gemaach?"

36 De Jesus huet geäntwert:
"Mäi Kinnekräich ass net vun dëser Welt.
Wa mäi Kinnekräich vun dëser Welt wär,
da géife meng Dénger kämpfen,
fir datt ech net un d'Judden ausgeliwwert géif.
Mäi Kinnekräich ass nun awer net vun hei."

37 Du sot de Pilatus zu him:
"Also bass du dach e Kinnek?"
De Jesus huet geäntwert:
"Du sees et, datt ech e Kinnek sinn.
Duerfir sinn ech gebuer,
duerfir sinn ech an d'Welt komm,
datt ech Zeegnes fir d'Wourecht ginn.
Jiddereen, deen aus der Wourecht ass,
lauschtert op meng Stëmm."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*